

# Den Hämmelesmarsch, net méi jidderengem bekannt!

Den Hämmelesmarsch ass e lëtzebuergesche Brauch. Fréier war et en Ëmzuch vun de Museksgesellschaft mat den Hämmeles, fir d'Kiermes anzelauden. Haut sinn d'Hämmeles aus dëse Cortège sou gutt wéi verschwonnen. D'Volleksweis mam selwechten Numm gëtt allerdéngs dobäi nach ëmmer gespillt.

## Hämmelesmarsch

### Strophe 1

„T as Kiermesdag an eng Gei jéngt muerges an der Gaass,  
T jätzt eng Clarnett an, t brommt eng schaddreg Baass,  
An d'Hämmeles gin derbei mat Bänn a Flettschen un,  
Blénkeg zënne Plettlén an der Rei sin hannendrun,  
Sin hannendrun;  
An d'Kanner loossen hire Kaffi ston  
Fir deene schéinen Hämmeles nozegon  
Wou d'Musek as, déi spillt sou lëschteg d'Gaassen an,  
Fir bei all grouss Hären an der Stad hir Ronn ze man,  
Hir Ronn ze man.

### Strophe 2

D'Leit si gebotzt an si hun hir schéinste Kleeder un,  
D'Kamäiner dämpfen, d'Kächen, déi sinn drun,  
d'Pan an der Fuesend, déi ass nët esou geplot,  
Well et ass haut nët genoch mat engem Hämmelesbrot,  
A mat Zalot.  
An aus der Friemd sinn d'Lëtzebuurger do,  
Op d'Kiermes kommen si vu wäit an no,  
„T as aus der Heemecht keen, a wir en iwer d'Mier,  
Op de Schuebersonndeg, t ass gewëss, dann denkt ën hier,  
Dann denkt ën hier.

### Strophe 3

Hun d'Hämmeles dann d'Musikanten d'Neipuert ausgeleet,  
Mam Fouermeschter voll Gléckséilegkeet,  
Da sëtzen d'Leit um Dësch mat hire Kirmesgeschit,  
d'Tell're klénken, jiddereen, deen deet sei meescht, sei besch,  
Sei meescht, sei besch.  
D'Gemitlechkeet, déi schenkt en d'Gliesser aan,  
An d'Lëschtegkeet, déi blénkt aus allen Aan,  
De Quetschekoch, dee schmaacht wéi de beschte Bond,  
D'Fra vum Haus as frou, well alle Mënsch e gutt huet fond,  
E gutt huet fond.

D'Traditioun, fir virun enger Kiermes Hämmeles duerch d'Gaassen ze dreiwien, ass am Kader vun der Schueberfouer opkomm. Do gouf et beim Präisschëissen Hämmeles ze gewannen, an d'Foraine wollten deemno Reklamm fir d'Schëissbude maachen, andeems se de Stater Leit hir schéi Präishämmeles weise gaange sinn. Dat ass sou gutt ukomm, datt duerno uechtert d'ganz Land d'Kiermes mat engem Hämmelesmarsch agelaut gouf, obschonn et keen Hammel ze gewanne gouf.

D'Musekstéck „Hämmelesmarsch“ ass eng Volleksweis, dat heescht eng Melodie, deem säin Auteur eis net bekannt ass, a vum Vollek iwwe Generatiounen iwwe droe gouf. Aus dëser Volleksweis gouf am 19. Joerhonnert eréischt e Lidd, wéi de Michel Lentz en Text dozou geschriwwen huet. D'Lidd gouf heefeg ënner dem Numm „Schuebermëss“ publizéiert. Och de Mierscher Dichter an Auteur, Nik Welter, ernimmt et 1914 am Bichelchen „Das Luxemburgische und sein Schrifttum“ als „D'Schuebermëss“.



Och d'Mierscher Musek hält op dëse Brauch.

Duerfir ginn hir Musikanten op folgenden Datumer den Hämmelesmarsch duerch d'Stroosse vun der Mierscher Gemeng spillen:

<b>Essen/Pëtten</b>	<b>9. Juli</b>
<b>Miersch</b>	<b>23./24. September</b>
<i>samschdes moies:</i>	Industriezone, Mierscher Bierg, Garer Quartier, Stäreplaz, Geschäftsstrooss
<i>samschdes mëttes:</i>	rue Lohr a Lohrbierg, Kannerduerf a Camping
<i>sonndes moies:</i>	Wangert, Miesplateau, Arelerstrooss, Nic-Welter-Strooss
<b>Miesdref</b>	<b>22. Oktober</b>
<b>Recken</b>	<b>5. November</b>
<b>Biereng</b>	<b>12. November</b>
<b>Schëndels</b>	<b>26. November</b>

D'Mierscher Musek seet Iech elo schonns villmools Merci fir Är Ënnerstëtzung.

